05.05.2026

# World Scout Jamboree 2027 – Polen
# **Luxembourg Contingent**
# **Newsletter 3**

## Léif Guiden a Scoute vu Lëtzebuerg,

Mir mëllen eis mat engem néien Newsletter fir den Jamboree 2027 a Polen. Hei fannt dir Infoen iwwert den zweeten Acompte an Updates zu der Organisatioun.

**Op ee Bléck:**
**Wat?** 26. World Scout Jamboree
**Wou?** Gdańsk, Polen
**Weini?** 30. Juli bis 8. August 2027 *(ouni eventuell Norees)*

Offiziell Websäit: www.jamboree2027.org
Programm-Iwwerbléck: Jamboree Programm

## En Iwwerbléck iwwer d'Käschten:

**Participant / Chef:** Maximum **2.100 €**
**IST:** Maximum **2000 €**

**Acompten:**

| Wat? | Wéini? | Montant? |
|---|---|---|
| 1. Acompte | 01/01/2026 | 500€ |
| **2. Acompte** | **15/05/2026*** | **500€** |
| 3. Acompte | 01/09/2026 | 500€ |
| 4. Acompte** | 01/02/2027 | 400-600€ |
| Norees (optional) | Nach net definéiert | Nach net definéiert |

***** Ursprünglech war den 01/05/2026 als Datum fir den zweeten Acompte ugepeilt, deen Datum gouf opgrond vun interne Gespréicher op de 15/05/2026 verluet.

** 4. Acompte: De leschten Acompte ass de Recht vum gesamt Betrag an hänkt vun Early Registration/Regulär an IST/Participant/Chef of. Zousätzlech kéint de Präis bis dohin och allgemeng nach vun eiser Säit aus erof gaange sinn. Den Noreesspräis ass onofhängeg vun dësem Acompte.

**! Mat dësem Newsletter erënnere mir drun, dass den zweeten Acompte bis den 15/05/2026 fälleg ass !**

**Rechnung:**
Aus dengem Grupp gi **méi wéi** dräi Léit mat op den Jamboree?
- Dann leeft d'Rechnung fir d'Acompten iwwert de Grupp.

Aus dengem Grupp gi **manner wéi dräi** Léit mat op den Jamboree?
- Dir kritt d'Rechnung perséinlech geschéckt.


**Remboursement Policy:**
- **D'Acompte si fälleg fir déi uewe genannten Deeg a sinn net remboursabel.**
- Ausnam: Et fënnt een ee gëeegente Remplaçant. Bei der Decisioun huet den CMT dat lescht Wuert.
- All weider Remboursementer ginn nom Camp gemaach, wann de finalen Decompte gemaach ass.

## Updates aus der Organisatioun:

**Norees:**
Mir sinn um gaangen ee Konzept fir eng Norees auszeschaffen: E Programm vu 7 Deeg an deene mir zwou Stied kucke ginn. Et erwaart iech e gudde Mix aus Natur, Stad a polnesch Kultur. Do wäerten an engem spéideren Zäitpunkt Informatiounen zu der Rees an de Käschten nokommen.

**Cheffversammlung:**
Den 10. Abrëll hunn sech zu Munneref d'Cheffen aus de verschiddenen Unitéite getraff a kruten hei déi éischt wichteg Informatiounen. Hei konnten d'Cheff sech ënnertenee

kenne léieren an éischt Froe klären. D'Participante ginn dëst Scoutsjoer nach vun hire jeeweilegen Cheffen kontaktéiert.






**IST-Versammlung:**
Den 20. Abrëll hunn sech d'IST'e fir eng Online-Versammlung getraff. Hei kruten si éischt Infoen iwwert hier Jobs.

**Transport:**
Mir hunn eis fir en Transport mam Bus entscheet, mir wäerten iwwer d'Nuecht fueren.

## Méi Informatiounen:

**Merch:**
Du wëlls dech elo scho mat Merch akleeden? Da kuck gären am Shop vum Jamboree laanscht. https://shop.jamboree2027.org

**Social Media:**
Du wëlls reegelméisseg Updates an deng Timeline gespullt kréien? Da follegt eisem Instagram Account: @wsj2027_luxembourg

**Site:**
Du bass op der Sich no néien Informatiounen? Da klick dech duerch eise Site, de gëtt reegelméisseg aktualiséiert! https://wsj2027.sil.lu

**FAQ:**
Du hues eng konkret Fro? Kuck gären an eisem FAQ no op deng Fro scho gestallt gouf.
https://wsj2027.sil.lu/faq/

**Froen? Mir si fir iech do!**
Bei all anere Froen, schreif eis eng Mail un cmt@wsj2027.sil.lu

**Mat de beschte Guiden- a Scoutsgréiss,**
*Fir de Lëtzebuerger Contingent*
**Tahr & Charel**